

04.02.2021

LGS-Reglement Nr 6

Formatioun vun de Gruppechef/tainen (GC) a Gruppechef/tainen adjoint(e)s (GCadj)

Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begrëff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwéi Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert, z.B.: „Chef“ = Chef oder Cheftaine.

1. Konditiounen fir mat der Formatioun unzufänken

- De Kandidat huet op d'mannst 19 Joer.
- De Kandidat huet de Wëllen an d'Méiglechkeet, seng Formatioun bannent 2 Joer ofzeschléissen.
- D'Membere vum Grupperot akzeptéieren de Kandidat als zukünftege Gruppechef, respektiv Gruppechef adjoint. Dëst geschitt mat hirer Ënnerschrëft um Formulaire „Accord vum Grupperot“.

2. Umeldung fir d'Formatioun

De Kandidat mellt sech iwwert d'Formatiounsportal an der Chefbox op lgs.lu fir déi eenzel Formatiounsaktivitéiten un. De Formulaire mam Accord vum Grupperot gëtt hei bäigefüügt.

3. Opbau vun der Formatioun

- 3.1. D'Formatioun huet nëmmen 1 Zyklus an ass déi selwecht fir Gruppechef, wéi fir Gruppechef adjoint. Si besteet aus dem Cheftraining (Formatiounsaktivitéiten) an engem praktesche Stage.
- 3.2. De Cheftraining fir nei Gruppechef a Gruppechef adjoint besteet aus :
 - engem Formatiounsweekend oder der selwechter Unzuel vu Formatiounsstonnen,
 - engem administrativen Dag oder der selwechter Unzuel vu Formatiounsstonnen,
 - enger „Rencontrer“ fir Gruppechef.
- 3.3. De praktesche Stage gëtt am eegene Grupp gemaach a besteet op d'mannst aus dem Leede vun enger Reunioun vum Grupperot, bei där e Vertrieder vun der Gruppenekipp dobäi ass. Den Ordre du jour vum Grupperot gëtt op d'mannst 1 Woch am viraus un d'Gruppenekipp geschéckt. No dëser Reunioun mécht de Kandidat zesumme mam Vertrieder de Bilan. De Vertrieder mécht der Gruppenekipp e Rapport. Doniewent steet de Vertrieder dem Kandidat mat Rot an Dot zur Säit.
- 3.4. D'Gruppenekipp leet fest, wat fir eng Dokumentatioun d'Kandidate mussen hunn a benotzen.

4. Organisatioun vun der Formatioun

- 4.1. Verantwortlech fir d'Formatioun vun de Gruppechef an de Gruppechef adjoint sinn de Commissaire fir Gruppen an d'Gruppenekipp. Op de Formatiounsaktivitéite muss op d'mannst 1 Formateur present sinn, deen de „Brevet animateur F“ huet.
- 4.2. All d'Formatiounsaktivitéiten, déi de Kandidat matmécht, gi vum Verbandssekretariat am LGS-Membersfichier agedroen.

5. Allgemeng Bestëmmungen

- 5.1. D'Konditiounen an d'Modalitéite fir d'Ernennung als Gruppechef oder Gruppechef adjoint a fir d'Erneuerung vun dësen Ernennunge stinn am LGS-Reglement Nr 9 („Chefernennungen“).
- 5.2. Bei onklore Situatiounen, déi an dësem Reglement net virgesi sinn, entscheet de Formatiounscommissaire no Récksprooch mam Commissaire fir Gruppen.
- 5.3. Dëst Reglement ersetzt d'Reglement Nr 6 vum 21.09.2011.